PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung & Mëttelstand weiderzeleeden.

D'Regierung huet am Koalitiounsaccord ugekënnegt, d'Kreeslafwirtschaft zu Lëtzebuerg ëmzesetzen. A menger parlamentaresch Fro n°1401 bekräftegen déi zoustänneg Ministeren dës Approche.

An dem Kader stellt sech d'Fro vun der Besteierung vu Secondhandprodukter, wéi zum Beispill IT-Hardware oder och der Kleedung. Aktuell ass et esou, dass ee Secondhand-Geschäft, dat benotzte Produiten vu Privatpersounen ofkeeft an dës am Uschloss erëm verkeeft, d'TVA op dës Produkter erhiewt an un de Staat weiderleed an dat, obwuel d'TVA schonns bei der éischter Transaktioun um Produkt erhuewe gouf.

Ugesiichts dem Fakt, dass d'Textilindustrie an Elektrotechnik een immens groussen ekologesche Foussofdrock hannerloossen, wär et opportun, d'Erëmbenotzung am Kader vun enger aktiver a responsabeler Klima– an Ëmweltpolitik an der Ëmsetzung vun der Kreeslafwirtschaft ze fërderen andeems dës Produkter méi bëlleg ugebuede kéinte ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'TVA och fir Secondhandprodukter eng weider Kéier erhuewe misst ginn?

2. Plang d'Regierung am Kader vun der Steierreform och Secondhand-Produkter mat 3% ze besteieren? Falls nee, schléisst d'Regierung aus, ee bëllege Steiersaz vun 3% op Secondhand kategoresch aus?

3. Wéi eng Mesuren ënnerhëlt dës Regierung aktuell, fir d'Kreeslafwirtschaft spezifesch am Beräich vun IT-Hardware souwéi och der Kleedung ze fërderen? Wäerten d'Textilindustrie an d'Produktioun vun neier Elektrotechnik an der ugekënnegter Steierreform och viséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange